# 20 SAACHEN

## DÉI S DU VLÄICHT NET IWWER D'GEBUERTSDAGSTRADITIOUNEN UECHTER D'WELT WOSST

Gebuertsdagsfeieren hunn eng laang Traditioun. Am **ANTIKE ROUM** si Gebuertsdeeg mat Banqueten, Kaddoen a Gebieder fir Familljememberen, Frënn a Geschäftspartner gefeiert ginn.



D'Traditioun vum **GEBUERTSDAGSKUCH** geet esouguer zeréck bis an dat antikt Griicheland, wou Kuchen a Form vum Mound un d'Géttin Artemis offréiert goufen.

**1=2**

A westleche Kulture feiert ee geweinlech den éischte Gebuertsdag nodeems ee schonn ee Joer gelieft huet. A **CHINA** dogéint géllt e Kand als ee Joer al, esoubal et op d'Welt kënnt. Op dengem éischte Gebuertsdag gëss de also zwee Joer al.

A **POLE** kann den Namensdag esouguer méi wichteg si wéi de Gebuertsdag. All Kalennerdag huet ee spezifeschen Numm – mat e bësse Chance kann een also esouguer zwee Mol am Joer feieren!

### BËBEE-WARSAGEREI OP MALTA

Déi malteesesch Traditioun vun den „Quċċija" fënnt um Kand sengem éischte Gebuertsdag statt: Eng onbestëmmten Zuel vun Objete ginn op de Buedem geluecht an d'Kand gëtt encouragéiert, op se duer ze krauchen an een Objet auszewielen. D'Objete symboliséiere verschidde Beruffer a sollen dem Kand seng Karriär viraussoen.



An **DÄNEMARK** kënne Gebuertsdeeg mat enger magescher Iwwerraschung ufänken. Wärend d'Gebuertsdagskand nach schléift, fëllt d'Famill säin Zëmmer mat Kaddoen, ouni Kaméidi ze maachen.

„Nose greasing" ass eng beléiften Traditioun an Deeler vum **ËSTLECHE KANADA**. D'Gebuertsdagskand kritt Botter op seng Nues geschmiert, fir datt keen Ongléck drun hänke bleiwe kann. Wat ee méi al gëtt, wat leider méi Botter benotzt gëtt!

Wann a **BRASILIEN** „Parabéns pra você" gesonge gëtt, déi portugisesch Versioun vun „Happy Birthday", ass et üblech, nach e puer Zousätz zum Schluss ze sangen (É pique! … É hora! … Rátim-bum!). Da rifft jiddereen dem Gebuertsdagskand säin Numm, an dat esou oft, wéi d'Kand al ass.

### WARSCHEINLECH DAT BEKANNTENST LIDD OP DER WELT!

„Happy Birthday to You" gouf 1893 als „Good morning to all" vun zwou amerikanesche Schwësteren, dem Mildred a Patty Hill geschriwwen. Obwuel d'Noute bäibehale goufen, ass den Text spéiderhin an „Happy Birthday to You" ëmgeännert ginn.

An **DÄITSCHLAND** gëtt gesot, et géing Ongléck bréngen, enger Persoun virum eigentleche Gebuertsdag ze wënschen. Wann s de also däi Gebuertsdag an Däitschland feiers, brauchs de dir net ze erwaarden, datt een dir viru Mëtternuecht wënscht.



A **MEXIKO** däerf op kenger Gebuertsdagsfeier eng Piñata feelen! D'Kanner kréien d'Ae verbonnen a schloen ofwiesselnd mat engem Bengel drop, bis se opplatzt a Séissegkeete fir jiddereen erausfalen.

An **ITALIE** gëtt de Gebuertsdagskaddo geweinlech direkt a Presenz vun der Persoun, déi engem de Kaddo ginn huet, opgemaach. Et kéint onmanéierlech wierken, de Kaddo op d'Säit ze leeën an e méi spéit opzemaachen.



Koningsdag (Kinneksdag) oder Koninginnedag (Kinniginsdag) ass e Feierdag an **HOLLAND**, op deem jiddereen de Gebuertsdag vum aktuelle Monarch feiert. Der Traditioun no deet een deen Dag orange Kleeder un.

A Länner wéi **ITALIEN, SERBIEN, SPUENIEN** an **UNGARN** ass et gängeg, dem Gebuertsdagskand „lues" um Ouerläppchen ze zéien, an zwar sou oft, wéi d'Kand al ass.



An **IRLAND** gëtt een dem Gebuertsdagskand „Gebuertsdagsstéiss". Et gëtt un den Äerm a Bee festgehalen an dann esou oft, wéi et al ass, an d'Luucht gehuewen – an nach puer Mol méi, fir „Gléck ze bréngen". Dat ka munchmol zimmlech wéidoen.

A **LITAUEN** existéiert eng änlech Traditioun, bei där d'Gebuertsdagskand op e Stull gesat an et dann esou oft, wéi et al ass, an d'Luucht gehuewe gëtt.

A **JAPAN** ginn d'Kaddoe geweinlech a schéine Pabeier oder Material agepaakt. Dat ënnersträicht wéi wichteg et ass, sech d'Méi ze maachen, e Kaddo schéin ze presentéieren.

**100**

A **GROUSSBRITANNIE** kritt een op sengem 100. Gebuertsdag ee Message mat Gléckwënsch vum Kinnek oder der Kinnigin. Ab dem 105. Gebuertsdag kritt een all Joer Gléckwënsch geschéckt.

### WIEN INVITÉIERT WIEN?

An e puer Länner, wéi Italien an Däitschland, bezilt déi Persoun, déi hire Gebuertsdag feiert, d'Gedrénks oder organiséiert d'Feier. An anere Länner, wéi z. B. an den USA, ginn d'Käschte geweinlech ënnerteneen opgedeelt.

### FIR ËMMER JONK




Eng Méiglechkeet, jonk ze bleiwen, besteet doranner, den 29. Februar an engem Schaltjoer op d'Welt ze kommen. Da feiert een nämlech technesch gesinn, nëmmen all véier Joer säi Gebuertsdag! Mee da kritt een net dacks Kaddoen...

25 Joer
Europäeschen Dag vun de Sproochen
26. September



WWW.COE.INT/EDL #COEEDL

EUROPEAN CENTRE FOR MODERN LANGUAGES – CENTRE EUROPEEN POUR LES LANGUES VIVANTES

COUNCIL OF EUROPE – CONSEIL DE L'EUROPE

2025-LB